# Rede des OGBL-Präsidenten André Roeltgen bei Gelegenheit des Festes der Arbeit und der Kulturen in neimënster am 9. Mai 2019

D'Staatstrauer huet zu éngem Zoufall mat Symbolcharakter gefouert.

Eist Fest vun der Arbecht an de Kulturen fällt dëst Joer op den Europadaag. Eng ganz interessant Konstellatioun.

De johrhonnertlaange Kampf vun der Arbechter- a Gewerkschaftsbewegung géint d'Ausbeutung vun der Arbecht a fir éng Gesellschaft an Demokratie a Fridden gëtt um 1. Mee gefeiert.

D'europäesch Konstruktioun gëtt um Europadaag gefeiert. Dëse Feierdaag geet op d'Deklaratioun vum 9. Mee 1950 zeréick, di allgeméing als Startschoss vun der europäescher Konstruktioun ugesi gëtt.

Wann ech elo den Daag vun der Aarbecht mam Europadaag an Zesummenhang bréingen dann ass kéng sënnlos Gedankespillerei. An där wärt direkt verstoen vierwaat.

Den Artikel 2 vum Vertrag vun der europäescher Unioun hält d'Grondwerter fest op déi sech d'Unioun begrënnt.

Uechten vun der Mënschewürd, Demokratie, Gléichheet, Rechtsstaatlechkeet, Respekt vun de Menscherechter inklusiv vun de Rechter vun de Minoritéiten. An ech zitéiere weider: „Dës Werter sin allen Mitgliedsstaaten an énger Gesellschaft geméingsam, di sech durch Pluralismus, Nëtdiskriminéierung, Toleranz, Gerechtegkeet, Solidaritéit a Gléichheet vun Fraen a Männer auszeechent."

An am Artikel 3 geet riets, dass d'EU op éng „wettbewerbsfäheg sozial Muartwirtschaft hiwirkt, di op Vollbeschäftegung a soziale Fortschrëtt ofzielt, wi och op en héicht Mooss un Ëmweltschutz. A weider: d'EU bekämpft d'sozial Ausgrenzung a fördert d'sozial Gerechtegkeet an de soziale Schutz.

Alles daat liesen ech och an de Statuten an an de Programmer vum OGBL.

An trotzdem mecht sech elo an eise Käpp é flagranten Widersproch op.

25% vun der Bevölkerung an der EU sin vum Armutsrisiko betraff. Eng héich Arbechtsloegkeet a prekär Arbechtsverhältnisser treffe jonk an aal. De Sozialstaat ass an de meeschte Länner vun der EU ugegraff a geschwächt gin. Daat geet vun öffentlechen Dingschtleeschtungen bis zu den öffentlech-solidareschen Sozialversëcherungen.

A wann OXFAM feststellt, dass an der Welt 26 Milliardären esou vill besëtzen wi di ënnescht 50% vun der Weltbevölkerung, dann denke spontan vill vun eis un aaner Kontinenter wi Europa. Falsch. An Déitschland besëtzen di räichst 45 Persounen, daat sin 0,000001% vun den Déitschen, esou vill wi di ënnescht 50 %, ronn 40 Millioune Leit. Fir Lëtzebuerg, ee Land wou vill a läschter Zéit daat Wuert Transparenz benotzt gëtt, leien, wi ëmmer wann et ëm de Besëtz an ëm d'Akommes vun de Räiche geet, kéng Zuelen vir. Och daat seet ëppes aus.

A waat d'Rechtsstaatlechkeet ubelaangt, esou gëtt an ëmmer méi Länner an Europa d'Justiz an d'Pressefréiheet ugegraff, an de Rechtsstaat ass och ugegraff, wann an internationalen Handelsbeziehungen am Interessen vun de multinationalen Konzernen privat Schiedsgerichter eis staatlech Justizsystemer ersetzen an domat d'Rechtsstaat- an Demokratieprinzip verletzt a souzesoen privatiséiert gëtt.

A wa mär vu Menscherechter schwätzen, vun Toleranz, vu Solidaritéit a vun Nëtdiskriminéierung da mussen och haut di massiv Verletzungen an Europa vun der Genfer Flüchtlingskonventioun ugeschwaat gin.

Waat solle mer also haut um Europadaag feieren? Oder solle mer, nee musse mer d'Fro anerschtes stellen?

Muss den Europadaag nët deen Daag sin, wou sech domat ausenaanergesaat muss gin, wéi a vierwaat et dozou komm ass, dass d'europäesch Konstruktioun vun haut esou wéit vum riichtege Wee ofkomm ass? Vierwaat Europa esou wéit niewt sech selwer léit?

Un de politischen Alternativen feelt et nët.

D'Zerstéierung, d'Zerschloen vun der europäescher Konstruktioun ass kéng Alternativ. Au contraire. En Zeréickfaalen an den Nationalismus ass éng reaktionär Iddi, wär di gréisste Katastroph fir d'Menschen an Europa. Den Nationalismus ass nët nëmmen Synomym vu weiderem sozialen Rëckschrëtt mee gléichzéiteg vun der Afrostellung vun der Demokratie an dem Fridden. 1956 wuar d'Iddi an de Lancement vun der europäescher Konstruktioun di richteg Léier a Konsequenz op d'nationalistesch Barbarei a Märdermaschin vum 2. Weltkrich. Ni méi Krich an Europa – waat deemols gegolt huet, gëllt och haut. Méi wi je.

Et guef keen 1. Mee wou mir nët d'sozialt Europa gefuerdert hun. A mär maachen daat haut um 9. Mee, um Europadaag.

De soziale Fortschrëtt an Europa ass deen eenzegen Wee fir Grondwerter an d'Zieler vum Vertrag vun der Europäescher Unioun ëmzesetzen. An de soziale Fortschrëtt ass just iwert de Wee vun Europa durchsetzbar. Si sin ontrennbar mateneen verbonnen.

De soziale Fortschrëtt huet dann éng Chance wa sech d'Menschen an Europa éng aaner Politik gin. Di sougenannten neoliberal Politik di zënter de läschten Joerzingten Europa dominéiert huet, huet versoot. Si ass verantwortlech fir de Schlamassel dee mir haut hun.

Si muss gestoppt gin, wa mer Europa rette wëllen. Wa mër wëllen, dass Europa erëm déi Ausstrahlungskraaft soll kréien, di Menschen optimistesch mecht fir hier Zukunft an déi vun hiere Kanner. Wa mer wëllen, dass d'gesellschaftlech Transitioun an éng karbonuarm bis karbonfréi Gesellschaft geléinge soll.

Daat soll haut eise Message sin. Ee Message dee mer och mat op de Wee gin fir di wichteg Waalen vum Europaparlament um kommenden 26. Mee.

Eist d'Fest vun der Arbecht an de Kulturen ass ee ganzt stuarkt Stéick „liewegt Europa".

Zesummesin an d'Zesummenliewen vu verschiddenen Länner a Kulturen, soziale Schichten a Beruffer, verschiddenen Generatiounen a verschiddenen Weltuschauungen wärt och haut erëm geliewt an erliewt gin.

An ier ech elo eist Fest offiziell opmaachen, wëll ech wi all Joer, erëm éng Kéier di flott an exzellent Zesummenarbecht mam Centre Culturel Neimünster, mam Ainhoa a séinger ganzer Equipe ervirstréichen an hinnen ee ganz grousse Merci soen.

An da geet de Merci weider un eis aaner partenairen, der ASTI an der ASTM, an och un all déi Organisatiounen an eenzel Persounen, di haut wi göschter zum breeden Erfolleg vun eisem Fest béidroen.

An elo maache mer eist Fest op, vive den 1. Mee. A vive een Europa vun dem sozialen Fortschrëtt, de Menscherechter, der Demokratie an dem Fridden.